ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Ministere fir Kommunikatioun a Justiz weiderzeleeden.

D'Konsequenzen aus dem Kaf vum Internet-Kommunikatiounsdéngscht WhatsApp duerch Facebook suerge fir Onrou. Facebook huet ugekënnegt, Enn des Mounts d'Date vun de Notzer vu WhatsApp a Facebook ze iwwerhuelen. Dorops huet Däitschland reagéiert a Facebook dat verbueden. An deem Kontext wollt ech den Häre Ministere fir Kommunikatioun a Justiz dës Froe stellen:

1. Ass Lëtzebuerg sech den Auswierkunge vum Kaf vu WhatsApp duerch Facebook op d'Privatdonnéeë vun de WhatsApp-Notzer bewosst?
2. Huet d'Regierung sech iwwerluecht, wéi een d'Donnéeë vu Lëtzebuerger Notzer vu WhatsApp ka schützen?
3. Denkt d'Lëtzebuerger Regierung drun, eventuell iwwer de Wee vun der „Commission nationale de la protection des données", Facebook d'Notzung vun de WhatsApp-Daten ze verbidden esou wéi den däitsche „Datenschutzbeauftragter" dat gemaach huet?
4. Wann nee, firwat net? Wa jo, firwat ass nach näischt geschitt?
5. Wat réit d'Lëtzebuerger Regierung Cliente vu WhatsApp, déi net wëllen, datt hir privat Donnéeën a Kontakter vu Facebook genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten